



Gemeinsam Äntwert vun dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 8226 vum 10. August 2023 vun dem éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen

1. Wéi vill Tonne Pärdsfleesch ginn all Joer op Lëtzebuerg importéiert? Wat sinn déi 3 Haaptimportlänner?

Wat den Import vu Pärdsfleesch aus den EU-Länner betrëfft, huet de Landwirtschaftsministère keng Zuelen, vu dass hei de Prinzip vun der „Libre circulation des marchandises“ besteet, an also och keng Kontrollen op de Grenze sinn.

Déi eenzeg Zuelen iwwert déi de Ministère verfüügt sinn d'Direktimporter aus Drëttlänner, déi iwwer Lëtzebuerg an d'EU komme via eise Cargozenter an och do vun de Beamte vun der Lëtzebuerger Veterinär- a Liewesmëttelverwaltung (ALVA) kontrolléiert ginn.

No dëser Kontrolle kann dat Fleesch fräi an der EU zirkuléieren.

Mir importéieren zimmlech all Woch Pärdsfleesch aus Kanada.

D'Zuele vum Pärdsfleesch, déi op eise „Poste de contrôle frontalier“ déi lescht 3 Joer kontrolléiert goufen:

- 2020 : 1 136 589.23 kg
- 2021 : 721 863.25 kg
- 2022 : 191 235.71 kg

All dat Fleesch ass vum Cargozenter direkt a Betriber a Frankräich an an der Schwäiz transportéiert ginn.

De Konsumenteschutzministère ass de Moment amgaang ze analyséieren, wéi een en Observatoire de la consommation op d'Been kéint stëllen. D'Ëmsetze vun sou engem Observatoire géif et erlabe fir méi Zuelematerial, souwuel quantitativ wéi och qualitativ, am Konsumeräich ze kréien.

2. A wat fir Länner sinn dës Pärder opgewuess?

Dat Fleesch aus Kanada kënnt vu Pärder aus Kanada an aus den USA.

3. Wéi vill Pärder ginn all Joer hei am Land geschluecht? Wéi ginn d'Schluechtungen hei kontrolléiert?

D'Statistike vun deene leschte 6 Joer, déi och am Rapport annuell vum Ministère publizéiert sinn:

- 2017 : 14
- 2018 : 15
- 2019 : 4
- 2020 : 10
- 2021 : 2
- 2022 : 1

Dës Schluechtunge gi wéi all d'Schluechtunge vun aner Déieren an eise Schluechthaiser vun de Veterinäre vun der Lëtzebuerger Veterinär- a Liewesméttelverwaltung systematesch kontrolléiert.

Lëtzebuerg, den 8. September 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,
(s.) Claude HAAGEN